

Spezifesch Adaptatiounen un d'sanitært Konzept vum SNJ am Kader vum COVID-19

Centre SNJ Weicherdange

Version : 27.10.2020

Recommandations sanitaires temporaires :

All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech während sengem Openthalt un déi Aktuell an zoutreffend Recommendationen vum Ministère de la Santé ze halen.

Den SNJ kann net verantwortlech gemaach ginn falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

Port du masque:

Am ganze Centre gëllt grondsätzlech bannen wéi baussen Maskepflicht.

D'Maskepflicht ass opgehewen:

- Sëtzend beim Iessen, maximal 4 Persounen pro Dësch.
- Sëtzend bei Réunionen oder Formationen bis maximal 4 Persounen.
- Bei spezifesch festgeluechten Ausnamen.

Gruppegréisst:

Déi maximal Gréisst fir Gruppen ass op 30 Participantë limitéiert.

Déi maximal Kapazitéit vum Chalet (Haaptgebai + Refectoire) ass op **40** Persounen limitéiert.

Iwwernuechten kënnen maximal **32** Persounen am Chalet.

Et dierfen keng zwee Gruppe gläichzäiteg am Chalet sinn.

Déi maximal Unzuel u Persounen op der Campwiss gëtt jee no Aktivitéit festgeluecht.

Raimlechkeeten:

Et passe Maximal **25** Still ënnert anhalen vun 2m Distanz an dee Grousse Raum um 3. Stack.

An de Refectoire passen maximal **10** Dëscher à 4 Leit.

Ab 10 Persounen an engem Raum muss zousätzlech zur Maskepflicht sëtzend d'Distanz vun 2m agehale ginn.

Material dat benotzt gëtt muss virun an no all Benotzung desinfizéiert ginn. Produit steet dofir zur Verfügung.

Kichen:

An der Kichen, beim Kachen a bei der lessensausgab gëllt Maskepflicht.

Benotzte Kichematerial, lessbesteck a.s.w. müssen an der Spullmaschinn oder mat waarmem Waasser a Spullmëttel gespult ginn.

D'Aarbechtsplacken an der Kiche müssen no Benotzung desinfizéiert ginn.

Iesswueren am Frigo müssen zou verpaakt gelagert ginn.

Beim Iessen dierfe maximal 4 Leit pro Dësch setzen.

Dortoirs:

D'Zëmmeren mat sechs Better sinn op jeeeweils maximal 4 Persounen reduzéiert an d'Zëmmeren mat véier Better op jeeeweils zwou Persounen. Dëst ergëtt **16** Schlofplazen pro Stack.

Et muss all zweet Bett fräi bleiwen.

Jidderee muss säin eegene Schaaf fir d'Gepäck benotzen.

Sanitären:

Sèche-mains sinn ausgeschalt an dierfen net benotzt ginn, fir seng Hänn ofzedréchne steet Pabeier zur Verfügung. Beim benotze vun de Sèche-cheveux muss een eng Mask unhunn.

Hänn Wäschen / Desinfizéieren:

Et muss een sech Reegelméisseg (beim betriede vum Chalet, virum Iessen...) seng Hänn wäschen oder desinfizéieren.

Desinfectant fir d'Hänn steet an den Entréeë vun de Gebaier an an der Kichen.

Botzen:

Dee ganze Chalet gëtt virun an no all Locatioun vun enger Botzfirma gebotzt.

De Locataire soll während sengem Openthalt reegelméisseg d'Points de contact (Klenschen etc.) mat Desinfectant ofmaachen.

Botzproduiten, Desinfectant a Material fir ze botze stinn um Rdc am grouse Sall am Botzschaf zur Verfügung.

Lëften:

All benotzte Raim musse Reegelméisseg gelëft ginn.

Verschiede Fënstere goufen entspaart esou dass een se grouss kann opmaachen, dëst awer just ënner Opsicht vun engem Erwuessenen.

D'Baussendiere vum Chalet dierfe fir ze Lëfte blockéiert ginn, Bannendieren dierfe grondsätzlech net blockéiert ginn.

Affichage:

Affiche fir ze sensibiliséieren (Gestes barrières, richtig Hänn wäschen..) sinn am Chalet ausgehaangen.

Tracing:

Fir de Retracage ze vereinfache muss all Grupp eng Lëscht ausfëlle mat de Nimm an den Donnéeë vun allen Participanten an Encadranten. Dës Lëscht muss per mail un chalets@snj.lu schécken.

D'Lëschte vun de Gruppe gi vertraulech fir 15 Deeg gehalen an duerno zerstéiert.

Verdacht Covid 19:

Weist eng Persoun Symptomer muss déi Persoun vum Grupp isoléiert ginn a vum Site ofgeholl ginn.